

(Et zielt daat geschwaate Wuert.)

**Léif Kolleginnen a Kollegen,**

Ech well lech all ganz häerzlech op eiser I.Mee-Feier, eisem Familljendag, hei zu Réimech begréissen.

Merci fir Är Massiv Präsenz, eist Zelt ass wierklech bis op déi läscht Platz gefällt!

E grouse Merci och un de Réimecher Schäfferot mat un der Spëtzt dem Buergermeeschter Jacques Sitz.

Him an der ganzer Gemeng, dem Service Technique, der Police an der Protection Civile villmools Merci fir hier Ënnerstëtzung bei der Organisatioun vun dëser Feier.

Kolleginnen an Kollegen,

Den I. Mee ass den Dag vun de Gewerkschaften an domadder och den Dag vun de schaffende Leit an hire Familljen.

Mir kommen haut hei zu Réimech zesummen, fir e Signal ze setzen, eisen Engagement ze weisen an eis Messagen ze vermëttelen.

Mir sinn iwwerzeegt vun eiser Missioun, der Verriedung vun den Interête vun de Salariaéen, déi an dësem Land schaffen.

Mir kënnen dat an engem Land maache, wat sech am Fridde mat sengen Noperen an de leschte Joerzëngt staark ekonomesch an sozial konnt entwéckelen.

En Land, wat Member vun der europäescher Unioun ass. En Europa, eng europäesch Unioun, déi de Garant vun dëser friddlecher Koexistenz a gemeinsamer Entwécklung ass.

Fridden an Zesummenarbecht si leider alles anescht ewéi eng Selbstverständlechkeet op dëser Welt.

Krich a Misär a Syrien, am Jemen, an op villen anere Plaze, si fir vill ze vill Leit op dëser Welt eng batter Realitéit.

Den LCGB fuerdert déi politesch Responsabel hei am Land an an Europa op, alles ze ënnerhuele, fir datt d'Stierwen duerch Krich, Folter oder doraus entstanene Misär ganz séier op en Enn kënnt.

Den LCGB fuerdert onmëssverständlech, datt déi Responsabel vun dësen Akten zur Rechenschaft gezu ginn a Mord, Folter an Doudschlag net méi einfach zur Kenntnis geholl gëtt.

Hei wou mir stinn, iwwerall gëllt et sech dësem Wahnsinn entgéint ze stellen an sech fir eng besser Welt a Fridden, am Respekt vun Demokratie a Mënscherechter an, schlussendlech, och eng méi sozial a gerecht Welt anzusetzen.

Mee villäicht fänke mir Europäer eemol am beschten hei bei eis an Europa un!

An ville Länner an Europa ass Extremismus, Populismus an Nationalismus erëm salonsfäeg ginn.

Villäicht musse mir eis all zu alleréischt eemol de Spigel virun d'Gesicht halen an iwwerleeën, wat mir selwer kënnen maachen.

Mir all wëllen a Fridden an an Sécherheet liewen a grad dowéinst kann dëst net d'Excuse si fir Friemenhaass, Intoleranz oder d'Ofschottung no bannen an baussen.

Mir brauchen e staarkt Sozialmodell hei Heem ewéi an Europa. D'Äntwert op déi aktuell Problemer kënnen weder Populismus nach extremistesche Parolle liwweren.

Europa muss en Friddensprojet bleiwen. Europa muss eng staark sozial Komponent kréien.

Europa muss sech also am Fong op seng Grondwäerter vun enger friddlecher Entwécklung mat engem staarken Sozialmodell besënnen.

Den LCGB fuerdert esou en soziaalt Europa vum Mateneen.

Den LCGB fuerdert dofir vun eisen nationalen an europäesche Politiker a Responsabelen onmëssverständlech, fir dësen europäesche Modell anzetrieden.

Europa, d'europäesch Unioun steet fir Fridden a Kooperatioun.

D'Populisten an d'Nationalisten, déi géint Europa sinn, sinn also an leschter Konsequenz géint dëse Friddensprojet.

Populismus an Nationalismus bedeiten also leschten End's Krich an Europa!!

Dëst ass déi logesch Schlussfolgerung aus eiser, der europäescher Geschicht.

An esou eng Logik refuséiert den LCGB!

Och hei am Land gëtt een d'Gefill net lass, datt mir eis vun eisen Ängschte leede loosse.

D'Froe ronderëm eis Identitéit, ronderëm d'Lëtzebuerger Sprooch weise kloer drop hin, datt vill Leit och hei am Land veronséichert sinn.

Kolleginnen an Kollegen,

Fir eis all muss eppes ganz kloer sinn. D'Halschent vun den Awunner hei am Land huet haut net déi Lëtzebuerger Nationalitéit.

Bal 50 % vun de Salariéen aus dem Privatsecteur kommen all Dag aus der Grenzregioun hei an d'Land schaffen.

Eis Sprooch gëtt haut net manner, mee ëmmer méi benotzt a besonnesch déi nei digital Medien, grad ewéi de PC oder de GSM hunn eiser Sprooch neien Opdriff, an dat besonnesch bei de jonke Leit an dësem Land, ginn.

Déi éischt Sprooch an der Ekonomie ass awer Franséisch. Däitsch an Englesch ginn haut hei am Land natierlech och grad esou benotzt ewéi Portugisesch oder aner Sproochen.

Et ass just dës Kombinatioun, eng offe Gesellschaft an eng offen Aarbechtswelt, déi dëst Land staark gemaach huet.

D'Entwécklung vu Lëtzebuerg wier ouni Immigratioun an ouni Integratioun net méiglech gewiescht.

De Räichtum hei heem kann ouni d'Frontalieren net erschafft a geschaaft ginn.

Lëtzebuerg ass villäicht Europa am klengen a mir konnten am Fong bleiwen, wat mir sinn, well mir eis opgemaach hunn.

D'Problemer vun haut mussen geléist ginn. Mir brauchen eng sécher, eng liebenswäert Gesellschaft, déi op eng staark sozial Cohésion muss kënne zielen.

Awer dës Problemer brauche konkret Léisungen, populistesch Parolle sinn elo dat allerlescht, wat mir kënne gebrauchen.

Mir stinn an der Schold vun deene kommende Generatiounen, fir hinnen en Land an eng europäesch Unioun ze hannerloossen, déi op mannst esou liebenswäert ass, ewéi dat, wat mir bis elo erreicht hunn.

Offe Grenze, Reesen, Leieren a Studéieren an den europäesche Länner ass eng Realitéit fir déi Jonk hei am Land an an Europa ginn.

Mir müssen eis all weider fir esou eng oppen a progressiv Gesellschaft asetzen.

Europa brauch keng nei Grenzen, déi eis trennen an ofschotten. Europa brauch de Geescht vu méi mateneen. Nëmme zesumme sinn déi zukünfteg Erausforderungen ze meeschten.

Dësen Engagement si mir eise Kanner schëlleg!

Kolleginnen an Kollegen,

Haut ass muer, d'Aarbecht vu Muer zesumme gestalten.

Ënnert dësem Leitmotiv ass den LCGB am Gaang, d'Sozialwahle vu Mäerz 2019 ze preparéieren.

An eiser Aarbechtswelt gëtt vill vun engem Ëmbroch an enger drëtter industrieller Revolutioun geschwat.

Digitalisatioun ass hei am Land duerch d'Etüd Rifkin zum Topthema ginn.

Dës Etüd huet sech ganz vill mat den techneschen an ekonomeschen Aspekter vun der Digitalisatioun beschäftegt.

Den LCGB fuerdert an dësem Kontext, datt sech och mat de sozialen Aspekter vun dëser Revolutioun beschäftegt gëtt.

Wéi verännert sech eis Aarbechtsrelatioun duerch den Télétravail?

Wéi gëtt de Statut vum Salariaé am Télétravail gereegelt?

Wéi gëtt dann, ofhängeg vum Statut, seng Sozialversécherung gereegelt?

Wat bedeit et, wann muer Betriber eventuell nach just virtuell existéieren, also de Sëtz oder d'Bürosgebai, wou d'Leit haut schaffen, duerch eng virtuell Plattform ersat ginn?

Wéi verhënnere mir, datt d'Donnéeën, déi duerch déi nei technesch Moyen gesammelt ginn, méissbraucht ginn ?

Wéi gi mir an eiser Gesellschaft mat deene Méiglechkeeten em, déi eis eng quasi lückenlos Kontroll ronderëm d'Auer erlaben?

Wéi reegele mir d'Connexioun an Déconnexioun vun de Salariaéen?

An wéi wäert sech an deem Sënn de Begrëff vun der Aarbechtzäit verännere?

Wéi gëtt am Kontext vun der Digitalisatioun de Copyright vun den Donnéeën a besonnesch vum Traitement vun dësen Donnéeën gereegelt?

An wéi gi mir mat deene Salariaéen em, déi riskéieren op der Streck ze bleiwen, well entweder hir Aarbechtsplaz digitaliséiert gëtt oder well si, aus wat fir Grënn och ëmmer, beim technesche Fortschrëtt net méi kenne mathalen?

Kolleginnen an Kollegen,

Haut ass muer am Kontext vun der Digitalisatioun heescht fir den LCGB ganz kloer:

Den LCGB fuerdert en Bäibehale vun onbefristeten Aarbechtsverträg als Reegel hei am Land.

Den LCGB refuséiert eng Precarisatioun vun der Aarbecht doduerch, datt "faux indépendants" entstinn oder befristet Aarbechtsverträg gefördert ginn.

Och am Kontext vun der Digitalisatioun fuerdert den LCGB eng weider staark sozial Ofsécherung vun de schaffende Leit an dofir d'Weiderbestoe vun der obligatorescher Sozialversécherung hei am Land.

Haut ass muer bedeit fir den LCGB och d'Fuerderung no méi an enger besserer Weiterbildung, dëst natierlech ganz besonnesch duerch déi Verännerungen, déi Digitalisatioun mat sech bréngt.

Den LCGB fuerdert dofir en Urecht fir all Salariaé op Formation Continue.

Den LCGB fuerdert Formatiounspläng an all Betrib, déi mat der Personaldelegatioun zesummen opgesat musse ginn.

Den LCGB fuerdert eng Weiterbildungsoffensiv an de Betriber an dat bedeit och, datt d'Finanzéierung vun dëser Weiterbildung op nei Féiss gestallt muss ginn.

D'Patronat muss obligéiert ginn, an hiert Personal ze investéieren.

Wann d'Betriber muer an engem verännerten Ëmfeld wëlle mathalen, mussen si zu alleréischt hir d'Personal um leschte Kenntnisstand halen. Dëst ass déi eenzeg Optioun, fir eng nohalteg Entwécklung an de Betriber.

Den LCGB fuerdert doriwwer eraus déi strikt Applikatioun vun deenen Direktiven, Reglementer a Gesetzer, déi den Dateschutz zum Inhalt hunn, net nëmmen op der Aarbecht mee doriwwer eraus, wat d'Zesummeliewen an eiser Gesellschaft ugeet.

Net nëmmen am Kontext vun der Digitalisatioun fuerdert den LCGB d'Ofsécherung vun den Existenze vun de Salariaéen an hire Famillje, wat de Risiko vum Chômage ugeet.

De Chômagetaux ass effektiv an de leschte Jore réckleefeg.

Awer de Chômagetaux ass par Rapport zur Entwécklung vun den Aarbechtsplazen nach ëmmer vill ze héich.

De Laangzäitchômage (iwwer 12 Méint am Chômage) ass rasant um Virmarsch.

Laangzäitchômeuren a Salariaéen, déi méi ewéi 45 Joer al sinn, stellen zesumme mat deene jonke Leit, déi keng oder nëmmen eng ganz schlecht Formatioun hunn, e strukturelle Problem duer.

Et ass dofir fir den LCGB onverständlech an inakzeptabel, datt den Aarbechtsminister Mesuren ewéi d'Aide au Réemploi verschlechtert oder d'Préretraite-solidarité ofgeschaaft huet.

Den LCGB fuerdert wat Bekämpfung vum Chômage ugeet, en Modell, deen all Salarié sän Urecht op Aarbecht zougesteet.

Haut ass muer heescht also, haut Instrumenter a Strukturen ewéi d'DAC, d'Antikrisendivisioun, oder d'CDR (Cellule de Reclassement) aus der Sidérurgie op nationalem Plang un déi eenzel Secteure vun eiser Ekonomie ze adaptéieren, fir muer erëm Vollbeschäftegung ze hunn.

Digitalisatioun, Restrukturatioun oder aner ekonomesch Changementer bedeiten oft, datt zwar op der enger Säit nei Opportunitéiten entstinn, bedeiten awer och ganz oft, datt Salariéen hir Aarbecht riskéieren ze verléieren.

Den LCGB refuséiert, datt Leit hei am Chômage geparkt ginn.

Den LCGB fuerdert Strukturen, déi d'Leit duerch Prêt Temporaire direkt bei engem aneren Employeur kënnen beschäftegen.

Den LCGB fuerdert dës Leit, wann néideg, duerch Formation Continue ze ënnerstëtzen.

An fir déi Leit, déi no méi ewéi 30 Joer Aarbecht am Privatsecteur duerch de Grill falen, well se einfach net méi matkommen, fuerdert den LCGB eng sënnvoll Beschäftegung am Beräich vun den Travaux d'Utilité Publique.

Kolleginnen an Kollegen,

Den LCGB fuerdert fir all Salarié en Recht op Aarbecht!

Fir den LCGB heescht dat ganz konkret, datt et besser ass Aarbecht ze finanzéieren ewéi Chômage oder RMG.

Den LCGB huet seng Iwwerleeungen an de leschte Joren ëmmer erëm dem Aarbechtsminister am Comité Permanent du Travail et de l'Emploi an an der Tripartite virgestallt.

Vill vun deene Piste fanne mir a rezente Projete vum Aarbechtsminister erëm z.B. am Digital Skills Bridge, deen de Betriber, déi duerch Digitalisatioun Problemer kréien, bei der Weiterbildung vun hirem Personal hëllefën oder bei der Beschäftegung vu Laangzäitchômeuren an de Gemengen.

Déi Usätz si richteg a gutt awer leider vill ze zaghaft an ze bescheide, fir hei eng miessbar Wierkung ze entfalten. Mir hätten eis vum Aarbechtsminister méi Courage a méi Engagement erwaart.

Kolleginnen an Kollegen,

Haut ass muer heescht fir den LCGB awer och, datt mir haut mussen dofir antrieden, och nach muer en staarke Sozialmodell hei am Land ze hunn.

Den LCGB fuerdert dofir d'Reform vun der Reform wat d'Assurance Dependance ugeet.

Den ganzen Zirkus ronderëm d'Courses-Sorties vu fleegebedierftege Mënsche wier lächerlech, wann et net ganz oft fir déi betraffe Leit déi eenzeg Manéier wier, fir eemol doheem erauszekommen an also net sozial isoléiert ze ginn.

Den LCGB huet an deem Kontext den zoustännege Minister oft mëndlech a schrëftlech (scho bal ze vill oft) op déi Problematik higewisen.

De Minister vun der Sécurité Sociale ass sech dann och net ze Schued, fir hei d'Ëffentlechkeet unzeleien oder ass einfach nëmme feig an well net zouginn, datt hien als sozialistesche Minister hei am Fong eng asozial Politik an dëser Reform vun der Fleegeversécherung ëmgesat huet!

Kolleginnen an Kollegen,

Haut ass muer stellt fir den LCGB d'Ofsécherung vun de Salariéen an hirer Existenz am Krankheetsfall op d'Prioritéitelëscht vun eiser Aarbecht.

Am Dossier vun der 52-Woche Reegel, huet den LCGB elo schonn zanter méi ewéi 4 Joer un Leisunge geschafft a Solutiounen fir déi betraffe Leit agefuerdert.

Well et geet hei em krank, em schwéier krank Leit, déi gedirängelt, gepisakt a reegerecht schikanéiert ginn.

Zum Deel doudkrank Leit, déi sech mat Idiotien, mat Sauereien ewéi enger Demande fir en Délai de Grâce musse beschäftegen.

Den Accord vum 4. Dezember 2017 war keng Léisung, mee en administrative Monstrum.

Ouni eis Kritik, ouni dem LCGB säin Asaz, fir dee mir vehement kritiséiert an esouguer agresséiert gi sinn, wier hei näischt, awer och guer näischt geännert ginn.

Elo no 4 Joer (an no 5 Méint Pseudo-Accord) sëtzt de Minister sech mat deenen zesummen, déi jo anscheinend näischt, guer näischt verstanen hunn.

6 Méint virun de Chamberswahle gött hei nach ëmmer mat dem Schicksal vu kranke Leit gespillt an sech mat de Kollegen aus der eegener Blutgrupp zesummegeat, fir salbungsvoll Léisungen ze dekretéieren, déi den LCGB scho 4 Joer laang agefuerdert huet.

D'Eropsetze vun der 52 Woche-Limitt op 78 Wochen ass zwar e Schrëtt an déi richteg Richtung, awer...

Wat seet de Minister dann elo deene Leit, déi 4 Joer laang op der Streck bliwwen sinn?

Wéi well hien si entschiedegen?

D'Conclusioun fir eis ass kloer:

Dem Original am sozialen, ewéi dem Minister seng Partei sech gären nennt, sinn d'Leit schäiss egal!!!

Dat huet de Minister schon bei der Reform vun der Assurance Dépendance am Volet Courses-Sorties gewisen.

Den Minister agéiert kloer géint den Interêt vu kranke Leit!!!

Den LCGB fuerdert dofir fir de Privatsecteur eng strikt Gläichbehandlung mat der Fonction Publique wat d'Krankmeldung ugeet.

Dofir fuerdert den LCGB d'Ofschafe vun der 52/78 Wochen-Reegel an d'Afféiere vum Prinzip, datt d'Leit esou laang krank gemellt sinn, bis si erëm gesond sinn a kënne schaffe goen oder am anere Fall eng Invalidérent zougesprach kréien.

Dem LCGB geet et elo deck duer.

Dem Minister vun der Sécurité Sociale sief gesot, datt mir Léisungen am Interêt vun de Mënschen hei am Land brauchen, keng Ligen, keng Schikanen a scho guer keen Zynismus.

Den LCGB wäert dofir den 25. Juni zu enger Manifestatioun um Rousegäertche virum Ministère opruffen.

Am Kader vun der Reform vun der Assurance Dépendance an am Kader vun der 52/78-Woche Reegel, huet den LCGB genuch geschriwwen, geschwat a verhandelt.

Den LCGB wäert elo handelen.

An de responsabele Minister wäert vun eis mat sengen Akte konfrontéiert ginn, bis mir hei eng akzeptabel Léisung fonnt hunn!!!



Kolleginnen an Kollegen,

Den LCGB huet seng Organisatioun komplett op de Besoin vum Terrain ausgeriicht an ass haut mat enger jonker, kompetenter an dynamescher Equipe prett a gutt opgestallt, fir sech an den Déngscht vun de Salariéen an de Betriber kënnen ze stellen.

Den LCGB huet do dernieft och seng Prestatiounen a Servicer systematesch op de Besoin vun de schaffende Leit ausgeriicht.

Kolleginnen an Kollegen,

Haut ass muer, d'Aarbecht vu muer schonn haut zesumme gestalten.

Dëst ass net nëmmen eist Leitmotiv fir déi nächst Sozialwahlen, et ass eisen Aktiouns- an Aarbechtsprogramm fir déi nächst Joren.

Den LCGB stellt a senger Aarbecht, de schaffende Mënsch an de Mëttelpunkt vu sengen Iwwerleeungen.

Haut ass muer heescht fir den LCGB, fir en Urecht op Temps Partiel (mat méiglechem Retour zur Vollzäitarbecht) fir d'Salariéen anzetrieden.

Haut ass muer fuerdert den LCGB dozou op, iwwer nei Modeller vun Aarbechtzäiten zesumme mat der Personaldelegatioun an de Betriber nozedenken, méi a besser Horaire Mobillen auszeschaffen an an dem Kontext och d'Bedeutung vun der Gestaltung vun der Aarbechtzäit iwwert e ganz Aarbechtswegen net ze vergiessen.

Haut ass muer bedeit fir den LCGB dann och, den Risiko vun de Salariée géint Krankheet oder géint de Chômage duerch déi richteg Strukturen an Instrumenter ofzesécheren.

Den LCGB fuerdert dofir, an deem Kontext, nieft dem Ofschafe vun der 52 Woche Reegel, eng Reform vun d Reclassementsprozeduren.

Den LCGB verlaangt e Reclassement interne ouni finanziell Aousse fir de betraffene Salarié an eng Reclassement externe Reegel, déi automatesch wann de Salarié no 24 Méint keng nei Aarbechtsplaz konnt fannen, eng Invalidérent virgesäit.

D'Salariéen hunn en Recht drop, datt si vun der Politik net eleng am Reen stoe gelooss ginn.

Haut ass muer heescht fir den LCGB, fir eng strikt Gläichbehandlung tëschent dem Privatsecteur an der Fonction Publique hei am Land anzetrieden.

Den LCGB refuséiert eng weider Diskriminatioun vum Privatsecteur an mir fuerderen an deem Kontext d'Afféiere vun engem System Compte Epargne Temps, deen op deene selwechten Avantage berout, ewéi deen vun der Fonction Publique.

Haut ass muer verflucht den LCGB fir eng Gläichbehandlung vun allen Salariéen hei am Land anzetrieden. Op Resident oder net-Resident.

Mir refuséieren eng Politik, déi nei Ongerechtegkeete schafft ewéi dat virun e puer Joer mat de Bourses d'études geschitt ass an ewéi et sech elo mat der Besteuerung vu bestuede Frontaliere widderhëlt.

Och an deem Dossier wäerte mir weiderschaffen, bis all Ongerechtegkeet aus der Welt geschafft ass!

Haut ass muer bedeit fir den LCGB och un eiser Assurance Sociale net nëmme festzehalen, mee d'Prestatiounen an deem Beräich weiderzëntwéckelen.

Den LCGB fuerdert dofir d'Aféierung vum generaliséierten Tiers payant.

Mir brauchen och an dësem Zesammenhang endlech besser a méi sozial Prestatioune vun eiser Gesondheetskeess.

Besonesch beim Optiker a beim Zänn Dokter mussen d'Leit haut nach ëmmer vill ze vill an d'eegen Täschen gräifen, fir déi néideg Soins'en ze finanzéieren.

Den LCGB fuerdert vun der Familljenministesch eng iwwezfälleg Adaptatioun vum Kannergeld un d'Lounentwécklung.

Den Pseudo-Mechanismus vun der Familljeministesesch war eng Todgeburt, mir brauchen a verlaangen d'Indexéierung vum Kannergeld.

Den LCGB fuerdert d'Patronat hei am Land op, hir neoliberal Hirngespinsten endlech anzemotten an sech zu eise Sozialmodell ze bekennen, d.h. op kee Fall aus der Cogestioun an dem Kofinanzement vun eiser Gesondheetskeess erauszeklammern.

Leiwier haut ewéi muer misst d'Lëtzebuerger Patronat am Bau zur Erkenntnis kommen, datt hir Salariéen zum Deel nach ëmmer ganz schwéier musse schaffen an datt dës Leit en Urecht op eng substantiell Verbesserung vun de Realléihn hunn.

An zwar ouni Verschlechterung am Beräich vun den Aarbechtszäiten an den Intemperiesregelungen. Jorelaang, quasi joerzengtelaang, huet den LCGB sech hei agesat, fir anstänneg Léisungen am Fall vu schlechtem Wieder fir d'Salariéen an de Betriber ze fannen.

Firwat well d'Patronat vum Bau dann elo dës Regelung kippen? Fir sech de schéine Männchen bei hire Kollegen an der Regierung ze maachen?

D'Regierung huet an deem Beräich scho genuch geschuet mat der Erhéijung vun der TVA.

Haut ass muer gëllt och am Bankekollektivvertrag, wou d'Employée vun der Finanzplaz en Urecht op en modernen an attraktive Kollektivvertrag hunn.

Wat déi rezent Relance am Dossier vun den Öffnungszäiten am Handel ugeet, verlaangt den LCGB Aarbechtskonditiounen an en Kader, deen dese Beräich vun der Ekonomie vill méi attraktiv gestalten ewéi haut.

Mir brauche Crèche fir d'Kanner vun de Leit, déi hei sollen an aneren Aarbechtszäite schaffen, méi Transport public, méi Fräizäit a besser Paien.

An deem Dossier gesäit een och, datt Kritik vum LCGB un der Aarbechtszäitreform, deem neie PAN-Gesetz vum Aarbechtsminister, richtig ass.

Den LCGB huet an den deemolege Verhandlungen erreecht, datt d'UEL d'Cogestioun an der Aarbechtszäitorganisatioun tèschent dem Patron an der Personaldelegatioun akzeptéiert huet.

Den Minister, dee senger Hausgewerkschaft jo höreg ass, huet dës Dispositioun a senger Reform net berécksiichtegt.

An elo haut am Handel feelt der Personaldelegatioun all Gestaltungsméiglechkeet, fir och de berechtigte Besoine vun dem Salarié kënne Rechnung ze droen.

Den Aarbechtsminister huet mat sengem Choix am Fong d'Salariat hei am Land bedrunn.

Den LCGB verlaangt, datt d'Stoltripartite dringend zesummekënnt.

Et geet em d'Zukunft vun den Aarbechtsplazen, net nëmmen zu Diddeleng.

De Responsabele vun ArcelorMittal sief gesot, datt hiert Personal net zum Spillball vun der Konzernpolitik duerf ginn.

D'Regierung, de Wirtschafts- an Aarbechtsminister, hunn hei d'Situatioun kloer verkannt.

Den Original, wat dat soziaalt ugeet, hätt ArcelorMittal net dierfen esou liicht aus hirer Verantwortung entloossen.

D'Lëtzebuerger Siten, och Diddeleng, brauchen nei Investitiounen, fir eng nohalteg Entwécklung an der Zukunft kënne ze garantéieren.

Haut gesäit et esou aus, ewéi wann déi zwee Ministeren sech selwer zum Steigbügelhalter vum Mittal a senger Monopolpolitik degradéiert hätten.

Dëst an engem Dossier, wou eng ganz Generatioun hei am Land mat hire Steiersuen dese Konzern sanéiert huet!

D'Regierung muss elo Faarf bekennen, e Verweis op Bréissel geet net duer!

Kolleginnen an Kollegen,

Fir an de Sozialwahlen ze bestoen, huet den LCGB sech an de leschte Jore mat grousem Succès nei opgestallt mat dynameschem a motivéiertem Personal a senge Reien an seng Prestatioune staark erneiert a verbessert.

Fir an de Sozialwahlen ze bestoen, brauch een awer och gutt, excellent Kandidaten, déi hir Aarbechskollegen am Betrib wëlle verrieden.

Ech soen hei alleguer eise Kandidaten, Militanten a Membere Merci, déi eis an dëse Sozialwahle wäerten ënnerstëtzen.

Haut ass muer heescht fir den LCGB, sech mat vollem Engagement fir d'Interête vun de Salariéen an de Betriber anzesetzen.

Haut ass muer bedeit och, d'Stärkt vun enger Equipe no vir ze bréngen an d'Sozialwahlen ze bestoen, fir déi kommend Erausforderunge kënnen ze packen.

Haut ass muer, ënnert deem Leitmotiv wäert den LCGB gestärkt aus den nächste Sozialwahlen eraus kommen.

Haut a muer well den LCGB fir all Studenten, Salariéen a Rentner hei am Land do sinn.

Dofir gëllt:

Vive d'Kandidaten an,

Vive d'Membere vum LCGB.

Vive den LCGB.

Haut a muer!

Merci fir Är Opmierksamkeet.